WeltButtek
95, rue de l'Alzette
4011 Esch-sur-Alzette

21 avril 2021

Sécherheetsmoossnamen - Mesures de sécurité

1 Allgemeng Moossnamen

- ✘ Nëmmen Träppercher oder eng kleng Leeder benotzen fir opzeklammen, net op Still, Regaler oder Këschte klammen. D'Träppchen an d'Leeder musse richteg aschnappen ier een drop klëmmt.
- ✘ An den Trapen wa méiglech d'Gelänner benotzen.
- ✘ Keng Wueren un d'Gelänner hänken, keng Këschten an oder virun Trape stellen.
- ✘ Net mat Këschten oder mat eisem Stop Trottoir Trape goen, wann een net driwwer gesäit.
- ✘ Keng ze schwéier Këschten hiewen (net iwwer 20 Kilo).
- ✘ Luuchten ausmaachen ier een eng Bier wiesselt.
- ✘ Adequat Kleeder a virun allem kammoud Schong am Buttek undoen, keng héich Tallekeschong, déi sinn eng grouss Stolpergefor.
- ✘ Wann een eng weider Geforequell entdeckt, da wgl dem Gérant bescheed soen.
- ✘ Den Désinfectant fir d'Hänn ass e geféierlecht Produkt, därf net gedronk ginn !

  D'Lëscht vun den Inhaltstoffer fënnt een am wäisse Classeur : «Sécurité et santé au travail» um Regal am Bureau.

2 Am Fall vu Verletzungen an Unfäll

- ✘ Plooschterspender fir den alldeegleche Gebrauch ass nieft dem Lavabo.
- ✘ 1. Hëllefkëscht ass am Bureau um Bicherregal.

  Wann een eppes eraus hëllt, engem Gérant bescheed soen, dat muss nämlech da gläich ersat ginn.
- ✘ 1. Hëlleftrousse ass am Keller.
- ✘ All Accident muss dem Gérant gemellt ginn. Da gëtt zesummen no den Ursaache gesicht fir evt Geforequellen ze behiewen.

3 Am Fall vu Feier

- ✘ Mir hunn 2 Feierläscher : een am Buttek nieft der Trap an een an der Kellertrap.
- ✘ Bei engem Brand 112 uruffen, de Feierläscher vum Halter erof huelen, déi kleng Sécherung um Kapp vum Feierläscher erauszéien an da mam Schlauch op d'Feier sprëtzen. Aus dem Buttek eraus goen nodeems all Client dobaussen ass.